N° 4797
Reçue le 04.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.08.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Gesondheet weiderzeleeden.**

An enger virrechter parlamentarescher Fro, huet d'Santésministesch erkläert, dass no der Procédure ouverte accélérée elo een neie Fournisseur fir medezinesche Cannabis fonnt gouf. D'Bestellunge schénge gemaach an de Ministère schätzt, dass déi éischt Liwwerungen Enn September zu Lëtzebuerg ukommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Gesondheetsministesch Detailer zum néie Fournisseur ginn (d'Hierkonftsland, ginn och aner Länner vun dësem beliwwert,...) ?
2. Wat fir ee Montant gouf vum Gesondheetsministère beim Finanzministère gefrot? Wat fir eng Zäitspan soll mat dësem Budget ofgedeckt ginn?
3. Wat fir Produiten an a wat fir Quantitéite gouf an enger éischter Instanz bestallt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

N°4797
Reçue le 31.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 24 août 2021

**Réf. :** 839xf0eca

**Concerne**: Question parlementaire n° 4797 du 4 août 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4797 du 4 août 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant "Nouveau fournisseur de cannabis médical".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4797 du 4 août 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant "Nouveau fournisseur de cannabis médical".**

*Kann d'Gesondheetsministesch Detailer zum neien Fournisseur ginn (d'Hierkonftsland, ginn och aner Länner vun dësem beliwwert?*

Wéi schon an der parlamentarescher Fro 4549 ugedeit, ass just eng Offer op Gronn vun der neier Ausschreiwung fir den medizineschen Cannabis erakomm. Des Offer, déi och zeréckbehalen ginn ass, ass vun der Firma *Canopy Growth Germany GmbH* an collaboration mat *Tilray Deutschland GmbH*. D'Produite vun béiden Fournisseuren kommen aus Portugal an aus Canada. *Tilray* liwwert zur Zait Produite an Däitschland, Portugal, Polen, Irland an Israel. Niewebäi ass *Tilray* och en Projetspartner vun Frankräich fir do den „Projet-pilote" vum Cannabis mat ze entwéckelen.

*Wat fir ee Montant gouf vum Gesondheetsministère beim Finanzministère gefrot? Wat fir eng Zäitspan soll mat dësem Budget ofgedeckt ginn?*

Et goufen folgend Montants beim Finanzministère ugefrot :

| **Budget** | **Voté en 2021** | **Dépassement demandé 2021** |
|---|---|---|
| des engagements | 800'000.00 | 4'640'000.00 |
| des paiements | 800'000.00 | 3'000'000.00 |

Den Montant vun 3'000'000.00 € ass fir d'Commanden vum Joer 2021 virgesinn.

*Waat fir Produiten an a wat fir Quantéite gouf an enger eischter Instanz bestellt?*

Folgend Produite an Quantitéite sinn bestallt ginn:

THC 18% / CBD <1% - 28.5 kg
THC 10% / CBD 10% - 2.25 kg

137-000010-20040525-FR